



Luxembourg, le 03 MAI 2018



Monsieur Fernand Etgen
Ministre aux Relations avec
le Parlement

Service Central de Législation
43, boulevard F.D. Roosevelt
L – 2450 Luxembourg

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire N°3740 du 30 mars 2018 des honorables députés Madame Diane Adehm et Monsieur Marc Lies, concernant le contournement d'Alzingen, tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

François Bausch
Ministre du Développement durable
et des Infrastructures

**Äntwert vum Här François Bausch, Minister fir nohalteg Entwécklung an
Infrastrukturen, op di parlamentaresch Ufro n° 3740
vun der Madame Deputéierten Diane Aehm an dem Här Deputéierten Marc Lies**

A hirer parlamentarescher Ufro, stellen déi honorabel Deputéiert Froen zum Contournement vun Alzeng.

Wéi schonn an der Fro vun den honorabelen Deputéierten festgestallt, wäert d'Nofro no Mobilitéit an deementspriechend och d'Verkéisersopkommes um Stroossennetz duerch d'Entwécklung vun de Quartieren am Südwesten vun der Stad Lëtzebuerg (Ban de Gasperich, Midfield, Howald) an den nächste Joren massiv zouhuelen. Opgrond vun dëser schonn vun Uganks den 2000er Joren geplangter an decidéierter ekonomescher an urbanistescher Entwécklung muss d'Offer un Mobilitéit deementspriechend erweidert ginn. Dat geschitt op der enger Säit duerch eng konsequent Fërderung vum ëffentlechen Transport (Eisebunn, Tram, Bus an entspriechend Multimodal-Plattformen), an der anerer Säit duerch Verbesserung vun der Struktur vum Stroossennetz, Infrastrukturen fir déi aktiv Mobilitéit mat abegraff. De Contournement vun Alzeng wäert an dësem Sënn e weidert Element sinn fir d'Uertsduerchfaarten vun Alzeng an Hesper konsequent ze entlaaschten, well dës Stroossen där zukünftiger Nofro – generéiert virun allem duerch déi uewen ugeféiert Entwécklungen - net kënnen gerecht ginn.

Am Hibleck vun der Verbesserung vum dierfleche respektiv urbane Raum an der Liewensqualität vun de Awunner, ass de Projet vun der Alzenger Ëmgeegung och mat de Gemengeresponsabelen vun Hesper a Réiser duerchdiskutéiert ginn, fir sécherzestellen datt och d'Ëmgestaltung vun den Uertsduerchfaarten an d'Ëmklasséierung vun aner Stroossen kann erfollegen, ouni onerwünschten Nieweneffekter ze provozéieren.

Den Dossier fir an d'ëffentlech Consultatioun vum Projet Contournement Alzeng ass viru kuerzem deene kompetenten Autoritéiten virgeluecht ginn. An deenen hirer Äntwert ginn nach zousätzlech Präzisiounen zu deenen eenzelen Komponenten gefrot, déi elo nach mussen ausgeschafft ginn, well et net sënnvoll wär, d'Verfahren mat engem an dësem Sënn onvollstännegen Dossier weiderzeféieren. Wann déi Elementer virleien, wäert en Fortschreiwen vum Dossier un déi kompetent Autoritéiten virugoen an d'Verfahren kann weidergefouert ginn.

Duerno kann dann déi ëffentlech Unhéierung ausgeléist ginn.

No der ëffentlecher Unhéierung wäerten déi betreffen Gemengen den Dossier mat hire jeweilegen Avisen erëm zeréck un den Minister, den déi ëffentlech Bauten an sengen Attributiounen huet, schécken. Doropshin kann de Projet dann an de Regierungsrot goen, deen sech op eng Variant festleet, mat der de Projet weider soll ausgeschafft ginn, an och den Ëmfang vun den Ausgläichs-Moosnamen festleet. Domat gëtt dann Phase vun der Ausschaffung vum detailléierten Virprojet ausgeléist, wat d'Basis ass fir d'Autorisatioun vum Ëmweltminister unzefroen. Op Basis vun dësem detailléierten Virprojet kënnen dann och d' Ausgläichs-Moosnamen definéiert ginn.

Den Gesetzesprojet fir d'Finanzéierung vum Projet wäert dann presentéiert ginn op Basis vum detailléierten Virprojet. Momentan ass et net méiglech fir e genauen Zäitraum unzeginn, den Projet selwer genéisst awer déi éischt Prioritéit am Entworf vum sektoriellen Leetplang Transport (PST).